Den Telefon 116 111, eng wäertvoll Hëllef

De Gaart an Heem huet 1 500 Euro weiderginn

Iernster. Am Laf vun 2017 huet de Gaart an Heem vun Iernster den Ofschloss vu senger Kachbuch-Aktioun gemaach.

Well de Verkaf vun deem Buch sou gutt gelaf ass, konnt de Veräin an der Generalversammlung e Scheck vu 1 500 Euro un de Kanner- a Jugendtelefon iwwerreechen. Domat wëllen d'Iernster Klenggäertner derzou bäidroen, dass ëmmer méi Kanner den Telefon 116 111 kenneléieren, deen hinne bei Problemer a Froe kann eng wäertvoll Hëllef sinn.

Antoine Geyer via mywort.lu

D'Sue koumen duerch de Verkaf vum Kachbuch eran.